

Lëtzebuerg, de 9. Dezember 2020

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir d'Fonction publique an un den Här Minister fir bannezeg Sécherheet weiderzeleeden:

„Den 28. August 2020, war den Här Francis Lutgen, Personaldirekter bei der Police Grand-Ducale, Gaascht bei RTL Radio Lëtzebuerg.

Am Interview ass hien dorop agaangen, dass iwwer déi nächst 3 Joer sollen iwwer 800 nei Poliziste rekrutéiert ginn. Och iwwer déi nei Formatiounsprozeduren an d'Changementer beim Rekrutement ass geschwat ginn. Esou géif d'Police säit enger Zäit och iwwer de Site Govjobs.lu rekrutéieren.

Op d'Fro hin, ob beim momentane Besoin u Personal net och kéint op Fonctionnaires zeréckgegraff ginn, sot den Här Lutgen dëst wier bis ewell net méiglech gewiescht. Mat den Ännerunge beim Rekrutement, wier dëst allerdéngs eng Optioun, déi ee géing an d'Aen faassen.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir d'Fonction publique an dem Här Minister fir bannezeg Sécherheet folgend Froe stellen:

- *Gëtt beim Rekrutement vu Polizisten an Zukunft de „recrutement en interne“ aus dem ëffentlechen Déngscht envisagéiert?*
- *Falls jo, ab wéini a wien aus der Fonction Publique ass dofir eligibel ?*
- *Falls nee, wisou net? “*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten

Claude Lamberty
Deputéierten